N°1082
Entrée le 10.09.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro n°1082 vum 01.08. 2024 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup iwwert d'Beherrschung vun den administrative Sproochen an der Fonction publique**

Wat déi nei Astellunge beim Staat an de Joeren 2021 bis 2023 uginn, kann ech den honorabelen Deputéierten informéieren dass 2021 ongeféier 2700 Agenten agestallt goufen, 2022 waren et der ronn 2900 an 2023 waren et der ronn 2500.

De follgenden Tableau resuméiert d'Unzuel vun den Dispensen an den dräi administrative Sproochen :

| | *Lëtzebuergesch* | *Däitsch* | *Franséisch* |
|---|---|---|---|
| **2021** | 237 | 218 | 20 |
| **2022** | 296 | 270 | 27 |
| **2023** | 376 | 351 | 24 |

D'Verdeelung vun de Sproochendispensen op déi eenzel Karriären ass am Tableau hei drënner opgelëscht :

| | *Groupe de traitement* | *Lëtzebuergesch* | *Däitsch* | *Franséisch* |
|---|---|---|---|---|
| **2021** | *A1* | 156 | 142 | 10 |
| | *A2* | 61 | 58 | 6 |
| | *B1* | 19 | 17 | 4 |
| | *C1* | 0 | 1 | 0 |
| | *D3* | 1 | 0 | 0 |
| **2022** | *A1* | 185 | 166 | 15 |
| | *A2* | 64 | 59 | 5 |
| | *B1* | 41 | 36 | 5 |
| | *C1* | 5 | 4 | 1 |
| | *D3* | 1 | 2 | 1 |
| **2023** | *A1* | 264 | 238 | 14 |
| | *A2* | 66 | 67 | 4 |
| | *B1* | 44 | 44 | 4 |
| | *C1* | 2 | 2 | 2 |
| | *D3* | 0 | 0 | 0 |

Déi uewegenannten Zuele bezéien sech just op den Zentralstaat. Ech kann dem honorabelen Deputéierte keng Zuelen iwwert d'ëffentlech Etablissementer liwweren.

Lëtzebuerg, de 10. September 2024

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes